



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24. Januar 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister, d'Madamm Ëmweltminister an den Här Energieminister weiderzeleeden.

An deene leschte Méint si verschidde Problemer mat elektresch bedriwwenen Autoen opgedaucht, déi esou gravéierend sinn, datt d'Opportunitéit vun der Elektromobilitéit iwwerhaapt nei a Fro gestallt gëtt.

Dobäi sinn et mol net déi gravéierend mënscherechtlech Aspekter, déi ech hei wëll uschwätzen, besonnesch beim Ofbau vu Kobalt a Lithium, mee Problemer am Beräich vum normale Betrib vun deenen Autoen.


Dowéinst wollt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. An e puer Fäll hunn a leschter Zäit elektresch Autoen am normale Betrib vun eleng Feier gefaang. Wéi grouss schätzt d'Regierung dëse Risiko statistesch an? Gëtt et dozou Etüden? Gouf et schonn esou e Fall zu Lëtzebuerg? Sollen Autoen, déi e Risiko vun enger Auto-Inflammatioun mat sech bréngen, iwwerhaapt zougeloooss ginn? Ass d'Regierung der Meenung, datt d'Elektromobilitéit technesch wäit genuch entwéckelt ass, fir kënnen als sécher ze gëllen?
2. Wéi grouss ass de Risiko, datt bei engem Akcident en elektresch bedriwwenen Auto Feier fänkt, am Vergläich zu engem Auto, dee mat engem fossille Brennstoff bedriwwen gëtt?
3. Wéi grouss ass déi statistesch Explosionsgefor vun engem elektresch bedriwwenen Auto, besonnesch bei engem Akcident? Gëtt et dozou scho statistesch zouverlässeg Donnéeën?
4. En elektreschen Auto, dee Feier fänkt, ass immens schwéier ze läschen. Wéi ass de lëtzebuergesche Rettungsdéngscht dorop virbereet? Huet de Rettungsdéngscht déi néideg Container an aner Equipementer?
5. Wéi reagéiert de Rettungsdéngscht op de Risiko, e Stroumschlag ze kréien, am Fall vun enger Interventioun un engem akcidentéierten, elektresch bedriwwenen Auto? Wat ass do u Formatioun virgesinn, a wéi e Material gëtt gebraucht, fir kënnen a séchere Conditionen ze intervenéieren? Huet de Rettungsdéngscht déi néideg Equipementer?
6. De Betrib vun Elektroautoe bei niddregen Temperaturen ass besonnesch schwierig. D'Heizung an aner Systemer, déi vill Strom verbrauchen, schränken den

Operatiounsradius vun esou Gefierer an. Huet d'Regierung Statistiken vum Effekt vu niddregen Temperaturen op d'Performance vun elektresch bedriwwene Gefierer?

7. Elektroautoen hu vill Komponenten déi nëmme ganz schwéier, wann iwwerhaapt, kënne recycléiert ginn. Accidentéiert Elektroautoe sinn zu engem groussen Deel Extraoffall, déi wéinst hiren zum Deel gëftege Komponente bal net kënne verkaf ginn. Wéi eng Komponente vun Elektroautoe kënne recycléiert ginn a wéi eng net? Wat geschitt mat accidentéierten Elektroautoen? Wéi eng Dealer sinn Extraoffall a wéi eng si gëfteg? Ginn esou Offäll zu Lëtzebuerg gelagert oder traitéiert? Kënnen elektresch Autoen wéi aner Autoen och an elektresche Stolwierker verschafft ginn? Wann nee, wéi eng Méiglechkeete sinn da virgesinn?
8. D'Ersatzdeeler vun elektreschen Autoen, wéi z.B. en neien Akku, schéngen zum Deel extrem deier ze sinn. Huet d'Regierung doriwwer Erkenntneser? Missten d'Keefer vun elektresche Gefierer net beim Kaf extra dorop opmierksam gemaach ginn?
9. D'Regierung wëll d'Elektromobilitéit massiv ausbauen. Schon an deene nächsten zéng Joer soll, dem Wëlle vun der Regierung no, bal d'Hallschent vun de Gefierer hei am Land kee Verbrennungsmotor méi hunn. Wéi grouss wär deen zousätzleche Strombedarf fir d'Elektromobilitéit am Joer 2030, wann d'Hoffnunge vun der Regierung sech géingen erfëllen? Wéi a wou soll dee Strom hirgestallt ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten